Marco Pütz – Komponist, Lëtzebuerg

Zënter 1987 (Enn vu séngen Studien zu Bréissel an zu Léck) huet de Marco Pütz ronn 80 Wierker komponéiert, zum gréissten Deel fir Bléisergruppen a fir Blosorchester (Harmonie, Fanfare a Brass Band), mee och fir Sinfonieorchester, Straïchquartett, e Musical fir Kanner, Kammermusek, a vill pädagogesch Stécker fir Instrument a Piano.

Iwer 65 Stécker sinn haut publizéiert bei Verläg ewéi BRONSHEIM (NL), DE HASKE/HAL LEONARD (NL/USA), EDITION TONGER (DE), MAECENAS (GB), H. LEMOINE (FR), EDITIONS SEMPRE PIÙ (FR) an WINDMUSIC (CH). Zënter 2015 publizéiert di Schwäizer EDITION KUNZELMANN séng Wierker fir Sinfonie- a Kammerorchester.

Vun 1995 un, sin ca. 60 CDën mat Wierker vum Marco Pütz erauskomm bei verschiddenen CD-Labels: Antes/Bella Musica, Amos, Mirasound, Mark Records, GIA- Music, Albany Records, Doyen, asw..

Dem Marco séng Musék gëtt a villen europäeschen Länner, mee och an Australien, Amerika, Canada, Asien (China, Japan, Korea, Taiwan a Singapur) opgefouert.

Vill Kompositiounen goufen di lescht Joeren op wichtégen Festivalen opgefouert, esou z.B. op der WMC zu Kerkrade (2001,2003, 2005, 2009, 2013), Alpine Music Festival (CH, 2000), Eidgnössisches Musikfest (CH,2001), Mid-Europe (AT – 2002, 2003 an 2005), Triangle Festival (F,2003), Festival Radenci (Slov.,2004), WASBE-Konferenzen (Schweden 2003, Singapur 2005, Killarney 2007, Cincinnati 2009, Chai-City, Taiwan 2011), 1. Deutsches Bläserforum 2004, ICAC (Atlanta), RSAMD-IWF (Glasgow, 2007), Rencontres d'Ensembles de Violoncelles de Beauvais (2008), Festival International D'Echternach (2008), Les Quatuors à St. Roch (Paris, 2009), ITEA-Konferenz (Linz, 2012), Festival EuropArt (Bréissel, 2016), etc..

Zënter dem Joer 2000 komponéiert de Marco Pütz gréissdendeels op Commande. Enner séngen Commettantën sinn z.B. Den Orchester , Les Solistes Européens', de , Quatuor de Luxembourg', d'Lëtzebuerger Militärmusek, den De Paul University Wind Ensemble (Chicago), d'Frysk Fanfare Orkest, Harmonie Eijsden, (NL), Luxembourg Tuba Consortium,. . . . oder Solisten wéi de Steven Mead an de Robbert Vos (Euphonium), Julie DeRoche (Chicago Clarinet Trio), Philippe Schartz (Trompett), Timothy Northcut (Tuba), ...

Ausser sénger Tätegkeet als Komponist ass de Marco Pütz haut Professer fir Saxophon, Kammermusék an Orchestratioun am Staater Conservatoire, ass Grënnungsmember vum „ Quatuor de Saxophones de Luxembourg" (1982-2006), an huet vun 1981-2006 regelméisség d'Saxophonsstëmmen am „ Orchestre Philharmonique du Luxembourg „ gespillt.

Kontakt: www.marcopuetz.com
Mail: ma.putz@pt.lu